N°2752
Entrée le 07.08.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 07.08.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/08/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wirtschaft & Energie weiderzeleeden.**

*L'essentiel* informéiert, dass d'Firma Circuit Foil mat Sëtz zu Wooltz wäert vun enge chineesescher Firma iwwerholl ginn. Zwou Informatioune sinn heibäi interessant ervirzesträichen:

*"spécialisée dans la fabrication de feuilles de cuivre ultra-fines, utilisées dans les circuits imprimés, un enjeu particulièrement stratégique au niveau mondial,* ***notamment dans le contexte de l'accélération de l'intelligence artificielle.*** *[…] L'entreprise basée dans le nord du Luxembourg avait toutefois connu des difficultés ces dernières années,* ***en raison de la crise des prix de l'énergie*** *et de la concurrence asiatique."*

Wéi schonn a menger Fro n°2244 beliicht, ass den Afloss vu China op Lëtzebuerg kritikabel. Strategesch wichteg Firmen, wéi zum Beispill Enovos oder Cargolux, wou och de Staat Aktionnär ass, hunn an der Vergangenheet Undeeler u chineesechen Investoren verkaf. Den Ex-Botschafter vun den USA zu Lëtzebuerg hat dëst och an engem *WORT*-Artikel vum 17ten Abrëll 2025 kritiséiert: *„Dies ist eines der Hauptprobleme, mit denen wir in unserer Botschaft in Luxemburg konfrontiert waren: die chinesischen Investitionen in Luxemburg und die wirtschaftlichen Beziehungen zwischen den beiden Ländern."*

Den Ausseminister hat a senger Äntwert op dës Fro wësse gedoen, *"datt den Aussenhandel vu Lëtzebuerg op Initiativ vun de lëtzebuergesche Betriber stattfënnt an d'Regierung d'Betriber bei hire Schrëtt ënnerstëtzt a begleet."* De Premierminister hat senger Ried zur Lag vun der Natioun awer och wësse gedoen, dass d'Regierung massiv wéilt a KI investéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

2. Wéi wäert d'Regierung an Zukunft verhënneren, dass lëtzebuergesch Firmen opgrond vun den Energiepräisser a finanziell Problemer kommen?

3. D'Regierung hat virun der Summervakanz ugekënnegt, dass de Staat 150 Milliounen d'Joer wäert finanzéieren, fir d'Netzkäschten z'iwwerhuelen.
Wéi wäert sech dat op bis d'nächst Joer op d'Rechnunge vun de Betriber auswierken?
Aneschters gefrot: wäerten d'Stroumpräisser doduerch spierbar erof goen?
Falls jo, kann d'Regierung do Beispiller ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten